PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9te Juni 2022

Gesetzesprojet 7950 Superdreckskëscht

Här President,

ech bieden Iech, dëse Bréif un de President vun der *Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Energie et de l'Aménagement du territoire* weiderzeleeden.

Aktuell gëtt de Gesetzesprojet 7950 iwwert de Finanzement vun der Aktioun Superdreckskëscht an der Kommissioun behandelt.

D'Virgeschicht vun dësem Gesetzesprojet ass, dass d'Cellule scientifique vun der Chamber zum Schluss komm war, dass d'Aktioun Superdreckskëscht jorelaang illegal finanzéiert gouf, well ee speziellt Finanzéierungsgesetz gefeelt huet.

D'lescht Joer hat d'Plattform *reporter.lu* iwwerdeems eng detailléiert Recherche zum Fonctionnement vun der Superdreckskëscht gemaach, an där eng ganz Rëtsch dubios Machenschaften opgedeckt goufen. Vill Froen, déi zënter dësem Artikel a Kommissiounssitzungen opgeworf goufen, si bis haut net beäntwert ginn an et gouf och ni een onofhängegen Audit vun der Superdreckskëscht gemaach.

Wëssend, dass et vill kritesch Stëmmen an der Zivilgesellschaft gëtt, froen ech, dass d'Procès-Verbaux'en vun de Kommissiounssitzungen zu dësem Projet eng Woch virun der Ofstëmmung vum Gesetz verëffentlecht ginn, fir dass d'Leit dobaussen sech VIRUM Vott vum Projet een geneet Bild iwwert d'Aarbecht vun der Kommissioun maache kënnen.

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député